

# "De Grondsteen vun enger zukünfteger moderner Gemeng"

14. Jun 2019 - 15:00

Den **Emile Eicher, President vum Syvicol**, fuerdert eng kloer Definitioun vun de Kompetenzen a vun den obligatoresche Missiounen vun de Gemengen, grad ewéi déi néideg finanziell Mëttel. Déi nei Inneministesche Taina Bofferding schafft zesumme mam Syvicol un deem neie Gemengegesetz.

*Carole Schimmer / cbi*



*Den Emile Eicher ass President vum Syvicol, dem Gemengesyndikat*

Am Juli sollen all d'Gemengen op engem Treffen hir eege Fuerderunge kënnen presentéieren. De Consultatiounsprozess zu Nidderaanwen soll geschwé lassgoen a soll och "an engem relativ kuerzen Zäitraum iwwer d'Bühn goen."

## Finanziell Mëttel fir d'Missiounen vun der Gemeng

D'Gemenge wieren opgefuerdert fir matzemaachen, hir Alternativen ze presentéieren a "virun allem ze hëllefen och ze decidéieren wat fir eng Missiounen d'Gemengen an Zukunft mussen maachen". Dat wier de Grondstee vun enger zukünfteger moderner Gemeng, seet den Emile Eicher. Et wier wichteg ze wëssen,

wat een als Gemeng wëll a "wéi een dat hikritt" mat de finanzielle Moyenen, mat wat fir engem Personal an a wat fir enger Zäitschinn, esou de President vum Syvicol.

Et wier wichteg, datt d'Gemengen déi Finanze kréien, déi se brauche fir hir Aufgabe kënnen ëmzesetzen. Lëtzebuerg hätt als eent vun den éischte Länner d'Charte de l'autonomie communale ënnerschriwwen, an "da musse mir och dozou stoen", esou den Emile Eicher.

Am Beräich vum soziale Wunnensbau, huet den Emile Eicher ënnerstrach, datt et bei kleng Gemengen net géif duergoe Subventiounen z'accordéieren. Déi Gemenge bräichten och eng Berodung an déi néideg Mëttel, fir de soziale Suivi vun deene Locataireen z'assuréieren

## Asyldemandeure besser integréieren

De President vum Syvicol huet och een Appell lancéiert fir méi kleng Strukture fir Asyldemandeuren ze schafen. Hien ass mat der Propos vum Ausseminister averstane fir iwwe d'Land verdeelt kleng Strukture vu maximal 33 Persounen ze schafen. "Dat wier natierlech eng ganz aner Diskussioun, wéi wann een der 150-200 huet."

Den Emile Eicher ass der Meenung, datt wann een et géif fäerdeg brénge fir d'Asyldemandeure méiglechst gutt iwwe dat ganz Land ze verdeelen a se net ze konzentréieren op e puer Plazen, "dann hätten déi Leit och eng reell Chance fir op deene Plazen, wou si herno sech fir d'éischt néierloossen, do och ze bleiwen".

### An der Mediathéik:

[Invité vum Dag](#) / 14. Jun 2019 - 07:32 / [Carole Schimmer](#)

Lauschteren 